PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 10/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.

Den 22ten Juli huet de Verdeedegungsminister matdeele gelooss, dass een interministeriellen Aarbechtsgrupp zum Thema *Lethal Autonomous Weapon Systems* kuerz "LAWS" géing opgestallt ginn, "dee sech mam Problem vun de "Killer Roboter" (Déidlech Autonom Waffesystemer) beschäftegt a sech international fir e strikten ethesche Kader asetzt." An dësem Aarbechtsgrupp sollen, nieft dem Verdeedegungsministère an der Uni.lu, och Justiz- , Digitalisatiouns- , Fuerschungs- an de Wirtschaftsministère vertruede sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert den Aarbechtsgrupp sech och mat den net-déidlechen autonome Waffe beschäftegen, wëssend, dass autonom Waffesystemer och net déidlech Attacke lancéiere kënnen?
   Wa nee, firwat?

2. De Minister erkläert an engem Artikel am Lëtzebuerger Wort, dass hien sech duerch den LAWS-Aarbechtsgrupp eng "Alliance des volontés" erhofft, fir dass op EU-Niveau kéint ee legale Kader zustane kommen.

   Ass och d'Ausschaffe vun engem nationale legale Kader virgesinn? Wéi genau erhofft sech de Minister fir präzis Kontributioune fir d'Basis vun internationalen Traitéen ze maachen?

3. Kann de Minister bestätegen, dass éischt Resultater vun deem Aarbechtsgrupp fir de Summer 2023 virgesi sinn? Wäert de Minister dës Resultater dee Moment der Chamber virstellen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député